LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Christine Wirtgen , 14:33, 02/10/2020

Luxembourg, le 02 octobre 2020

Réf. : 831x15537

Concerne: Question parlementaire n° 2753 du 2 septembre 2020 de Monsieur le Député Roy Reding

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 2753 du 2 septembre 2020 de Monsieur le Député Roy Reding concernant des "Informations incohérentes dans le cadre de la pandémie de la Covid-19".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette LENERT
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 2753 du 2 septembre 2020 de Monsieur le Député Roy Reding concernant des "Informations incohérentes dans le cadre de la pandémie de la Covid-19".

De Fall vun der Persoun déi den honorabelen Deputéierten zitéiert ass dem Gesondheetsministère beschtens bekannt, well mat dëser Persoun e mëndlechen Échange iwwert de Virfall stattfonnt huet. Et handelt sech ëm e Fall vun engem Isolement, a net enger Quarantän, no engem positiven COVID-19 Test. D'modifizéiert Gesetz vum 17. Juli iwwert eng Rei Mesuren an der Lutte géint d'COVID-19 Pandemie mécht jo a sengem Artikel 7 eng ganz kloer Differenz zwëschen Isolement a Quarantän, wat och een direkten Impakt op d'Dauer vun der applizéierter Mesure huet.

Säit dem Changement vum Gesetz den 23. September gëllt eng Dauer vun 10 Deeg fir en Isolement. Zur Zäit wéi dës Persoun an Isolement war, waren et nach 14 Deeg. Eng Kierzung vun dëser Zäitdauer ass am Gesetz prinzipiell net virgesinn, och net bei engem neien negativen Test, am Géigesatz zur Quarantän wou d'Gesetz et deemools erlaabt huet, bei engem negativen Test d'Quarantän nom 5. Dag opzehiewen (6. Dag säit dem Changement vum Gesetz den 23. September). Dës Interpretatioun vum Gesetz ass och kierzlech an engem ähnleche Fall vum Tribunal administratif confirméiert ginn.

Fir de präzise Fall hei ass et leider esou, dass déi éischt Informatioun déi d'Persoun krut huet manifestement falsch wor. D'Gesonheetsdirektioun probéiert d'Leit, déi am Contact-tracing hëllefen, esou gutt wéi méiglech auszebilden, an eng Supervisioun vun de Leit bei der Aarbecht z'assuréieren. Leider bleift et awer net aus, dat déi Leit déi am Contact-tracing schaffen, heiansdo onkomplett Informatiounen erausginn. No dësem Virfall, huet d'Gesondheetsdirektioun och nach eemol e Rappel vun de Prozeduren bei senge Mataarbechter gemaach a wäert och weider staark op de Volet regelméisseg „formation continue" setzen. D'Gesonheetsdirektioun huet sech och bei der betraffener Persoun entschëllegt, fir den Iertum dee virgefall ass.

D'Gesonheetsdirektioun huet am Contact-tracing regelméisseg Leit vum Service de la Médiation de la santé déi op der Plaz sinn, fir Plainten unzehuelen a Léisungen ze fannen wann dat da méiglech ass. Alternativ kann ee sech ëmmer och direkt un de Gesonheetsdirekter mat enger Plainte wennen. A schlussendlech bleift natierlech och d'Méiglechkeet, sech mat engem Recours un d'Gericht ze wennen, wéi dat am Gesetz virgesinn ass, falls ee mengt, ongerechterweis isoléiert oder a Quarantän gesat ze sinn.